PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet n°8322

Lëtzebuerg, den 27/06/2024

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Tëschent dem Bussyndikat TICE an dem Lëtzebuerger Staat existéiert eng Konventioun, déi de Finanzement vum TICE reegelt an dës Konventioun muss bis Enn vun dësem Joer nei verhandelt ginn;
- Aus engem Schreiwes vun der Personaldelegatioun vum TICE aus dem Summer 2023 gouf virdru gewarnt, dass verschidde Buslinne beim TICE net méi vum Staat solle subventionéiert ginn;
- Fir d'Joer 2024 krut den TICE ronn 52 Milliounen Euro zougesprach, mee am Budget pluriannuel fir déi nächst Joren ass keng Erhéijung virgesinn;
- Mam Gesetzesprojet 8322 kritt d'Busnetz vun den CFL iwwer 10 Joer eng Erhéijung vun 20% zougesprach, fir den ëffentlechen Transport ze stäerken.
- D'Membergemengen vum Bussyndikat TICE hunn dëst Joer scho missten d'Méikäschte vum TICE stemmen, woubäi d'Käschte fir verschidde Gemengen ëm ronn 33% erop gaange sinn;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. fir den TICE-Reseau, grad esou wéi d'Busser vun den CFL, weider ze fërderen.
2. bei der Konventioun mam TICE no 2024 keng finanziell Hëllefen ze kierzen, mee dem TICE mindestens déi selwecht Konditiounen an Erhéijungen zouzegestoen, wéi der Busflott vun den CFL.

Marc Goergen